PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, , , den 19/07/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Interieur & Ëmwelt, Klima an nohaltëg Entwécklung weiderzeleeden.

Den Europäesche Flutwarnsystem (EFAS) huet d'Regierunge vun Däitschland an der Belsch véier Deeg virun den éischten Unzeeche vun der Iwwerschwemmungskatastroph an der Groussregioun gewarnt. Ronn véieranzwanzeg Stonnen am Viraus goufen déi däitsch Autoritéite virgewarnt, wéi eng Quartiere wärend den Iwwerschwemmunge wäerte betraff ginn, och an de Géigenden, wou de mënschleche Bilan immens héich war. Zu Lëtzebuerg ass d'Administration de la gestion de l'eau (AGE) de Kontaktpunkt beim EFAS.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéini a wéi gouf d'lëtzebuergesch Regierung virun den Iwwerschwemmunge gewarnt?

2. Firwat goufen d'Biergerinnen a Bierger um lokalem Niveau net méi intensiv virun den Iwwerschwemmunge gewarnt?

3. Wéi präzis ass d'geografesch d'Opdeelung vum Virwarnsystem vun der EFAS? Léisst sech ee Gebitt um Niveau vum Land, dem Kanton, der Gemeng oder der Uertschaft, respektiv änlechen Opdeelungen, präzis erfaassen?

4. An der Pressekonferenz vun haut de Moie gouf betount, *"datt esou Evenementer sech an Zukunft wuel nach wäerten heefen."*
   Wéi eng Moossname wäert d'Regierung virhuelen, fir esou extreem Evenementer an Zukunft besser ze geréieren?

5. Op der Pressekonferenz koum och d'Ausso, datt GouvAlert wäert iwwerschafft a méi performant soll gemaach ginn.
   Wat genee huet d'Regierung mat der GouvAlert-App Wëlles?
   Wat fir Kommunikatiounsmoossnamen huet d'Regierung fir déi Biergerinnen a Bierger geplangt, déi net mat de neien Technologie eens ginn?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député